


Mir si raus


10.-28.10.2022

Kodieren mat Naturmaterialien



D'Kanner hunn mat der Hëllef vun Naturmaterialien dem Kéisécker am Schoulhaff gehollef säi Wee an d Blieder ze fannen

Sport dobaussen: Hierscht-Staffel



D'Kanner hunn en klengen Equippen ee Puzzle mat engem Hierscht Motiv missen zesummesetzen. D'Stécker waren awer net esou einfach ze fannen, an d' Kanner hu missen ee sportleche Parcours bewältege fir un d'Stéck ze kommen





Schneller, schneller



Du machst das toll.



Besuch um Bauerenhaff · Viz maachen







Mir hunn de Projet mir gi raus genotzt fir ee klengen Ausfluch op de Bauerenhaff ze maachen. D'Kanner haten hei d'Geleeënheet Äppel ze raffén, d' Viz ze pressen an ee klengen Tour iwwert de Bauerenhaff ze maachen. Dobäi huet eng Visitt vum Stall an de Besuch bei de Källefcher natierlech net dierfe feelen.

Wortschatz am Bäsch




Obwuel d'Wieder net dat Beschte war, haten d' Kanner vill Spaass beim Erschaffen vum däitsche Wuertschatz am Bäsch. D'Kanner kruten kleng Käartercher mam Begrëff ausgedeelt an si hunn déi missen op déi richtig Plaz leeën. D'Kanner hunn sech esou vill méi verbonne mat dem Wuertschatz an den Aktivitéiten aus dem MILA-Arbeitsheft gefillt.

Mir moossen mam Kierper



Am Cycle 2 steet moosse mam Kierper um Programm. Mee wisou net de d'Längt vum Goal mat Schrétt moossen? Mir hunn et probéiert an et war ganz flott.

Sport dobaussen: D'Ausdauer trainéiere mat engem Hierscht Memory



Kuerz virun der Vakanz hu mir nach ee Mol un eiser Ausdauer geschafft, an deem mir dobaussen a Gruppen probéiert hunn am schnellsten all Koppel aus dem Memory ze fannen. D'Kanner hunn sech immens gutt dru ginn an hate vill Spaass um Lafen, dem Memory an dem Schaffen an der Equipe.